DE FREIE LETZEBURGER

# ONS HEMECHT

LPL

OFFICIELLT ORGAN VUN DER LPL

Verantwortleche Redacter: Déngens Dümmy. Drock a Verlag: 57, Pietresboulevard, Lötzeburg.
Ennert dem Protectorat vum Gaul eiser an dem Häuptling vum Mouvement
Direct Verbindong o'ni Drot mat London, New York, Moscau, Tschungking.

C. W. O. II
BG 192
C. 2. G. M.

No. 43 | So' secher we' ons Bierger wénken / Könnt d' Freihétssonn èn Dag ons blénken | 5 / 1 September 1943

## Vir engem Jo'er

Vir engem Jo'er hu'et Deitschland Lëtzeburg anneklé'ert,(sic) dât dû en Dél vum Reich solle gin sin(sic)well d'Leit dû de 'Prévilège' vun der deitscher Nationalité't geschenkt kruten(sic)dûrch dén wohl=wollenden Cadeau vum Fuhrer.Zu gleicher Zeit hu'et de preisschen Gouverneur de Sauleiter Gustave Simon annoncé'ert,dat de Militärdéngst vun alle Männer a militäreschem Alter géng agefo'ert gin, nët nëmmen fir den Arbéchtdengscht mé och fir d'preisesch Armée.Dôbei hu'et hi'en gesôt, dët wär nët aus militäreschen Grönn'well trotz schwé'rer Verloschter un der Ostfront géngen e pûr Dausend nei Recrûten keng Differenz mâchen.

D'Entwërt vun de Lëtzeburger ôb dësen Akt vun Tyrannei,wâr d'Proklamatio' vum Generâlstreik,de e'scht organise'ert Massen Action ge'nt d'Nazien an de besâten Lânner.D'Arbéchtsastellong hu'et d'Krichsproductio'n opgehâlen.

D'Halteng vun dénen tokkechen Lëtzeburger,de'nët agesinn konnten wâtfer e gro'sse Profitt si aus der Annexio'n dûrch d'Preisesch Reich zé'en génge an de'we'de Sauleiter sôt, neischt vun hirem Gläwen un d'défaite vun de Preisen,trotz allen deitschen 'Siegen'verlûr hâten,hu'et d'Rôserei vun den Nazien op d'Spëtz gedriewen.....

"Et wâr bestëmmt,dass dât klengt Lëtzeburg sollt de Wé vun der activer Resistenz geént d'Nazien weissen.Dén onerhé'erten Courâge vun de Lëtzeburger dén zur Revolt ge'nt d' Preisesch Besatzong an zur e'eschter organnisé'erte Massenresistenz ge'nt d'Nazien gefé'ert hu'et.

Mé wât hu'se nët mat ons gemât,dausend an dausenden vu Leit an Concentrations lager,a bis désen Moment bis dausend Familjen fortgeschlèft.

" Dât ass d'Brutalité't vun der preisescher Rachsucht ge'nt e klengt Land,dât sëch nët verdédege kann an dât trotzdém ongebëndecht zû sénger Egenârt an Onabhängechkét stét.

Dôge'nt wâr bis de Moment neischt ze machen,mat der énzeger Aschrenkong,dass dës Affaire op de'lang a schrecklech Lëscht vun de preiseschen Verbréchen ze schreiwen ass an dass mer d'Standhaftechkét an de Courage hâlen bis dén Dag wô d'Ofrechnong kënt.

An dén Dag,dén kënt de't Jo'er
Fir ons dann endlech d'Freihét wenkt,A frei ' rem d'Uelzecht klengt,
wann d'Charlotte kënt

Belgian War Press

Den Churchill hu'et derzo gelâcht

---

Den Hitler hu'et alles kalkuléert
A Russland ass em d'Äschlach erfréert
En hât nés d'Schness zëvill opgemâcht
Den Churchill hu'et derzô gelâcht

De Goering sôt: Mei Marschallstâf
Dén hällt vun Deitschland d'Bommen af
A fest hu'et et all Nuets gekrâcht
Den Churchill hu'et derzö gelâcht;

De Goebbels duécht: Mat menger Schness
Krén ech s'all kleng, dât ass gewess
Seng Maul dé hu'et vill gedâcht,
Den Churchill hu'et derzö gelâcht.

Den Hess dé wor vum Lennes'che gebass
An dervun an d'Box geschass
A schnell sech aus dem Staps gemâcht,
Den Churchill hu'et derzö gelâcht.

Den Himmler sôt: Mat menger Polizei
Do hâlen ech se an der Reih
De Mussolini hu'et se och bewâcht,
Den Churchill hu'et derzô gelâcht.

Den Duce hât e Furz am Kapp
Tunis, Korsika an Nice a Strapp
En hât seng Peif schnell ausgerâcht
Den Churchill hu'et derzô gelâcht.

De Simon sôt: Bewiesen ass seit Jôhren
Dat Lëtzeburger emmer Preise wôren
Simon du hués d'Gescheithét net gepâcht,
All Lëtzeburger hu'et dech ausgelâcht.

Den Churchill hu'et s'all ausgelàcht
An hu'et ons Geéschter ugefàcht,
A wé du d'Freihétssonn ass opgewâcht,
Du hu'et esôgur de rôde Löw gelâcht.

(Jipe)

---

Verîesst dât hei nët:

---

E Land wât all 't friëm Radio-Sendongen muss esoû brouillëiren, wé ' t Preisen et mân, kan de Krich nët gewannen.
E Land woû ' t Polizei eléng Méschter ass a woû ké Mönsch mé frei otme kan, verlûiert onbedengt de Krich.
Si könne sech nömmen durch 't Terreur hâlen, mé 't Stonn kënt geschwönn woû se durch 't Terreur kapott gemât gin; An dât trotz dem Himmler oder vleicht wént him.

---

## -------- Umsiedlung --------
## Dé trau'reg Lëscht verlängert sëch vu Dâd zu Dâg

| | | |
|---|---|---|
| Schmitz Anna geb. Poekes | | Diekirch |
| Emeringer René | Gastwirt | Luxemburg |
| Beckerich Francois | Kolonialwaren | Bettborn |
| Bleser Mathias | Landwirt | Hoscheid |
| Vve. Zigrand-Scheller | | Perl" |
| Coljean J.P. | Schreiner | Ell |
| Dumont Luc. | ~~Deutsch~~ Beamter | Diekirch |
| Deutsch Henri | Lederarbeiter | Wiltz |
| Vve.Heintz-Weyerich | | Mertzig |
| Hosinger-Clesse | | " |
| Kaes Jean | Landwirt | Hoscheid-Dickt |
| Konsbrück J.P. | Arbeiter | Niederfeulen |
| Linden Théod. | " | " |
| Losch Martin | Landwirt | Oberfeulen |
| Muller Michel | " | Ewerlingen |
| Traufler Victor | Gastwirt | Useldingen |
| Aubart J.B. | Maurer | Kautenbach |
| Bauz Mathias | Rottenarbeier | " |
| Vve.Krausch Marg. | | Niederwiltz |
| Lentz Joseph | Schreiner | " |
| Lommes Ed. | Landwirt | Alscheid |
| Neu Nicolas | Chauffeur | Ettelbruck |
| Perdang J.P. | Landwirt | Folscheid |
| Tangoter Balt. | Rentner | Winseler |
| Traufler Michel | Landwirt | Oberfeulen |
| Vve. Worré Michel | | Wiltz |
| Zeyen J.P. | Eisenbahner | Kautenbach |
| Grammes Louis | Schneider | Clerf |
| Kieffer J.P. | Schriftfuhrer | Diekirch |
| Kuborn H. | Landwirt | Lullingen |
| Lemain H. | Schumacher | Bögen |
| Leonardy Ed. | Landwirt | Tandel |
| Meyer Jean | " | Munshausen |
| Meier Victor | " | Biwels |
| Mettendorf | " | Nocher |
| Peffer Ch. | Handelsvertreter | Gilsdorf |
| Reyer J.P. | Polizeiwachtmeister | Diekirch |
| Rodesch Alf. | Kauffman | Clerf |
| Schiltz Osc. | Avocat | Diekirch |
| Stephanie Marie | Geschäftsfrau | Huldingen |
| Wagner Dom. | Eisenwaren | Clerf |
| Meyrath Alice | Lehrerin | Schieren |
| Besch Francois | Kolonialwaren | Esch/A |
| Dostert Jean | Huttenarbeiter | Dippach |
| Flesch Pierre | " | Oberkorn |
| Goedgen Jean | Dreher | Differdingen |
| Gremling Nic. Jules | Arbeiter | Monnerich |
| Jung Pierre | Bergmann | Esch/A |
| Kaiser Em. | Steuereinnehmer | " |
| Karrenberg Louis | Huttenarbeiter | Schifflingen |
| Knebeler J.P. | Maschinist | Niederkorn |

$Fort S 4

C. W. O. II
C. 2 C. M.



| | | |
|---|---|---|
| Ludovicy Pierre | Machinist | Esch/A |
| Pesch Clement | Landwirt | Sprinkingen |
| Thill Eug. | Eisenbahnbeamter | Niederkorn |
| Vve.Urth Therése | | Differdingen |
| Scholl Conrad | Konditor | " |
| Berchem-Reinhard Elise | Landwirtin | Gostingen |
| Besch Michel | Landwirt | Kanach |
| Duhr Jean | Winzer | Ahn |
| Duhr-Pundel | " | " |
| Faber René | Ingénieur | Wecker |
| Jene J.P. | Postbeamter | Junglinster |
| Kail J.P. | Chauffeur | Kanach |
| Maas Jean | Molkerei | " |
| Maas Jean- J.P. | Kraftwagenfuhrer | " |
| Marso Albert | Förster | Bech |
| Rohr Jean | Landwirt | Wasserbillig |
| Sievering Charles | Ingénieur | Eschweiler |
| Schwirtz Emil | Schmied | Grevenmacher |
| Steffes Albert | Anstreicher | Kanach |
| Steffes Eugéne | Gastwirt-Landwirt | Bech |
| Steffes-Steffes Marianne | Landwirtin | " |
| Steffes Michel | Landwirt | " |
| Back Math. | Bahnaufseher | Bettel |
| Bartholomé | Shuster | Clerf |
| Blasen Bernard | Gastwirt | Munshausen |
| Bontemps H. | Kaufmann | Clerf |
| Colling Jean | Landwirt | Eselborn |
| Grotenrath Jos. | Kaufmann | Clerf |
| Kobner V. | Landwirt | Heisdorf-Clerf |
| Reckinger J.P. | " | Medernach |
| Reding Dom. | Schuhwaren | Ettelbruck |
| Reiffers Michel | Lokomotivfuhrer | " |
| Sassel Andréas | Landwirt | Stockem |
| Schmitz Cristian | " | Bögen |
| Stirn Michel | " | Munshausen |
| Thill Guill. | Tischler | Clerf |
| Tholl Pierre | Landwirt | Drauffeld |
| Welter Elisabeth | --- | Bögen |
| Cosse | Huhnerzuchter | Altlinster |

---

't ass ké Preiss dén ons ët kan verbidden hinnen ze weisen
wât mir denken

===

vun der Moûsel - Ahn

Bei enger Umsiedlung,sinn 't Leit vum gonzen Du'erf zesummen an der Strôss mat dem Lëtzeburger Drapeau, an sangen de Feierwôn

---

C. W. O. II
C. & G. M.

Hassel (Weiler la Tour)

E gudden Dâg, dô hâlen t'Preisen mat dem Camion beim H.F. fir seng Familjen ze déporte'eren, mé un der Dier hëngt én Zîedel, an dé sét dàt hei, Planmässich geraümt ? t'ganz Familjen war durch t'Peif, an alles wâtn nëmme mat ze huele war.

----- Eng Hâmegeschicht -----

Elo wôsse mer jo fir wât de Lôtzeburger Burgerméschter Hengst an de Kommissär Müller hu missen fort vun hei . Sie sin vu Gestapobanditen aûs Néid dénonzéert gin, dât se bei verschiddenen Déportéierten Wertsâchen a Lîewesmöttelen gestuôl hun. A wösst der och wôu se mat dénen zwée Schwein higefur sin; No Russland, un't Front?
Démno ass et also keng Ei'er mé eng Strôf fir sech gént t'Bolschewisten klappen ze goen.
Da soll 't Gestapo nömme bei alle Preisen a Verräteren no gestuôlene Sâchen sichen, anse all gené esoû bestrôfen. Da wäre mer se ôni Zweiwel op é Coup all lass.

Onse Gro'sspapp sôt schon;
Knaechtege Preiss
De kapp voller Leiss
De Reck voller Fle'
Bis un de Kne'.

Vun onsem Bre'sseler Correspondent got ons gemeldt
De'belsch Emission vun der BBC-London hu'et t'leschter hieren belschen He'rer matgedelt dass ons Grandduchess/esu London de' zelwegt Gesetzer ge'nt Verre'der erlôss huet we' t'belsch Gouvernement se schon seid lângem huet. De Speaker huet dobei folgend ve'er Lëtzeburger Verre'der zu Bre'ssel mam Nuem genannt---- Punnel, Deesen, Brincour, a Bill Schroeder. En huet ons belsch Frënn gebieden sech de'Ve'er Kadetten ze mierken.
Mir hun dât schon lâng gedun.

A Russland, do lâfen t'Preisen we'wann de Buedem ge'f brennen;
An Italien, och du Le'wer wat e Schlag, wien hätt dat geduecht

Wat sôt dir zum Adi senger Ré'ed

Zu sech sôt hien, net vill, mé gud geschwât? ? Vu Russland ass keng Ré'ed, den Churchill dien hu'et en ganz vergîess, méd d'Italiëner dé leien him um Mô
mir sinn ganz senger Meînong

## Ons Sprêch.

Ons Sprêch, dat ass dem Vollek sei Gêscht, de Lëtzeburger Gesoht, den offen ass a frei a ké Falsch verleit
Ons Sprêch, dat ass d'Lëtzeburger Hiertz dat ëmmer fest gehalen huet um Tre'n an am Glaf, um Vollek an un dem Land.
An dat alles, dat sollen ons d'Preisen net verdierven.

De Feierwân, den ass beret
E peift dûrch d'Loft a fort et get
Am Dauschen iwer d'Stress vun Eisen
An hie get stolz den Noper weisen,
Dat mir nun och de We hu font
Zum e'weg gro'sse Völkerbond.

Kommt hier aus Franreich, Belgie, Preisen,
Mir wëllen iech ons Hemecht weisen;
Frot dir no alle Seiten hin,
Mir wëlle jo keng Preise ginn.

### ------ Breifköscht ------
( vu Geld ass agangen )

| | | | |
|---|---|---|---|
| St.Hubert | 100 Fr. | Vûlkan | 500 Fr. |
| Finne | 100 " | Archimède | 500 " |
| Tullepante | 150 " | E gudde Lëtzeburger | 500 " |
| Abbé Belge | 200 " | Anonyme | 1000 " |
| Fif fils | 250 " | Anonyme | 1000 " |
| | | Spumante all Moent | 1000 " |

Fine Bro'tmarken
Anonyme Bro'tmarken
" Klè'der

villmals merci.

Wäre mir des Preiss nur lass, Verbei wär dann onst Lèt.